



## Editorial

1. August 2014: «Weltfoularddag», a vill vun eis hunn e souwisou schonn de ganze Camp iwwer un.

Ech wäert en nom Kongress 2014 net ausdoen, och wann ech e manner oft wäert brauchen. CoGée ze sinn ass eng spannend an zäitintensiv (mä wéi ee Chef huet dat net!?) Erausforderung. Lo huelen den neie Commissaire Général a seng Adjointe sech där Saach un (wahrscheinlech jo den David an d'Misch ;-)).



Ech wënschen hinne vill Loscht, Motivatioun, Zäit, en déckt Sätzlieder, Stehvermögen, vill Plaz an hirer Inbox, wéineg Sträit, ... . Ech weess, dass si dat kënnen an dass si immens Loscht drop hunn, fir de Verband op de Camp 2017 zouzesteieren.


Um nationalen Avex-Camp dëse Summer konnt ee gesinn, wat geschitt, wa jonk Leit nei Erausforderungen unhuelen: si kënnen et! Déi jonk Responsabel vun de Sous-Campen hunn hir zwee Schëffer souverän duerch déi 11 Deeg Camp gefouert (och wann eent vun Ufank u bësse Schiefslag hat).

Een Engagement, dat ech wéilt ervirhiewen an dat mech immens beandrockt: d'Erausforderung als Gamma-Chef. Et ass genial ze gesinn, wéi frou och déi Avex um Camp sinn.

Ob ech mech lo wäert langweilen?  
Nee, ech soe just: bis 2017 ass nach vill ze dinn!

Zum Schluss nach Merci fir Äert Vertrauen,  
Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht.

Carmen Schares  
(Future-)Ex-Commissaire Générale



## Invitatioun fir de Kongress a Chefdag 2014

Léif Guiden a Scouten, léif Cheftainen a Chef,

Am September ass et souwäit, de Belairer Grupp lued am Kader vu sengem 75. Bestoen, op de Kongress an de Chefdag an.

Et sinn zwee wichteg Rendez-vous'en am Scoutskalenner: de Kongress, wou all Chef mat Ernennung konkret iwwert d'Zukunft vum Verband matbestëmmen dierf, an de Chefdag, deen als Informatiouns- an Austauschplattform eng grouss Traditioun huet.

Mir d'Belairer Guiden a Scouten sinn houfreg dëst Joer 75 Joer Bestoen ze feiern. Nieft der Publikatioun vun engem Buch, enger dauerhafter Konstruktioun virun eisem Home, an der Organisatioun vun engem klengen Camp um Belair, ronnt d'Organisatioun vum Kongress an Chefdag eis Festlechkeeten schéin of.

De Kongress siégéiert de Mëttwoch 17. September am Centre Culturel zu Hollerech (bäim Schluethaus), wou mir vun 18.00 Auer un e leckeren After-Work Grill & Apéro ubidden iert et ëm 19.30 lass geet.

De Chefdag, um Sonnden 21. September, wäert um Belair op dräi verschidde Plaze stattfannen. (cf. Plang). Am Centre sportif (tëscht dem Stadion an dem Kräizgrënnchen) fänkt den Dag un, wou mir lech vun 8.30 Auer un mat Kaffi a Mëtchen begrëssen. Nieft dem Mëttegiessen, bidde mir de ganzen Dag iwwer Guddes vum Grill un.

Et ass wuel zur Traditioun ginn, datt d'Konzept vum Chefdag all Joer e bessen changéiert. Esou dann och dëst Joer :)! D'Mass, de Plenum an d'Brancheverksammlungen si Moies ugesat a Mëttes steet dann eng Panoplie un interessante Workshops um Programm.

De Belairer Grupp ass beméit seng Aktivitéiten sou ëmweltfrëndlech wéi méiglech ze gestalten, aus dësem Grond, wäert d'lessen an d'Gedrénks um Kongress a Chefdag sou wäit et geet biologesch sinn.

Wéi kommt dir op de Belair? Mam Bus a Velo ass de Belair ganz gutt z'erreechen. Et gött also bal keng Excuse fir mam Auto ze kommen ;-)

Mir freeën eis op lech!  
Lénks Patt,  
Charel Fischbach  
Gruppenchef vum Belair

[www.lgs.lu](http://www.lgs.lu)

## Kompass 2014-2015

- « Kongress, Chefdag
- « Formatioun, Ernennungen
- « Kalenner fir d'Joer
- « Informatiounen an Delaien
- « Congé jeunesse
- « Assurancen
- « Chèque sevice
- « Annuaire
- « RAP

Luxembourg  
Port payé  
P/S.400





# Kongress, Chefdag

## KONGRESS

17.09.2014 zu Hollerech am Centre Culturel

18.30	Aschreiwien, Grill
19.30	Ufank: Begréissung Proposéieren vum Kongresspresident Gedenken un déi verstuewe Guiden a Scouten Bestëmme vun de Stëmmezuelerten Riede vun den Eiergäscht
19.45	Aktivitéitsrapport
20.25	Finanzrapport
20.40	Wahlen
20.55	Open Sessioun
21.05	Iwwerreeche vun Auszeechnungen a Remercimenten
21.15	Resultater vun de Wahlen
21.20	Virstelle vum Verbandscomité
21.25	Resolutiounen
21.35	Kotisiounen a Budget 2015
21.45	Ausbléck 2014-2015 / 2014-2017
22.00	Schluss an Eierewäin

Umeldung fir de Kongress a Chefdag  
www.lgs.lu/chefdag  
bis den 10. September  
Menu (Bio) um Chefdag: 12 €  
Spaghetti Bolognese  
Vegetaresch Spaghetti

## CHEFDAG

21.09.2014 zu Belair am Centre sportif

08.30	Aschreiwien, Kaffi a Croissant
09.00	Mass
09.45	Paus
10.00	Plenum
11.00	Paus
11.15	Brancheversammlungen: Biber: Centre sportif Wëllefcher: Centre sportif AveX: Centre Schéiss (grousse Sall) CaraPio: Centre Jean (grousse Sall) RaRo: Centre St. Jean (Wëllefcherssall) Gruppechef: Centre Schéiss (Sall um éischte Stack)
12.15-14.00	Mëttegiessen (virum Centre sportif)
13.30-14.00	Infostand iwwer Formatioun
14.00	Workshopen
16.00	Ofschluss a Gedrénsstand vum Belairer Grupp


## D'Wahl vum neien Team (Commissaire Général a sâin Adjoint(e))

D'Kandidature fir de Poste vum CoGé oder CoGé adj. mussen op d'mannst ee Mount virum Kongress schrëftlech un de President vum Verbandrot geschéckt ginn.  
D'Wahl: D'"Team" ass gewielt, wa méi wéi d'Halschent vun de gëltege Stëmme „Jo-Stëmme“ sinn. Dës Wahl ass geheim.

## Open session

An der « open session » huet all Member vum Verbandskongress d'Geleeënheet, Ureegungen an Iddien virzebréngen, Froen ze stellen a Propositionen ze maachen. Déi eenzel Interventioun solle kloer gefaasst sinn (wa méiglech schrëftlech) a net méi laang wéi 2 Minutten daueren.  
All Chef/taine huet d'Méiglechkeet zu all Interventioun nach eng Ajoute zur Informatioun ze maachen oder eng Präzisioun ze froen. Eng regelrecht Diskussioun kann awer an dëser Sessioun net gefouert ginn; et gétt och net iwwer d'Interventiounen ofgestëmmt.

Wien eng Fro un de Verbandscomité oder un en eenzelne Commissaire stellt an um Kongress direkt eng Antwort erwaard, muss seng Fro schrëftlech am Verbandssekretariat eraginn, an zwar bis den 4. September.  
De Verbandskongress kann och Resolutiounen stëmmen, déi vum Verbandscomité, dem Verbandsrot, enger Kipp vum Verbandsgrupp oder engem Grupperot beim Verbandscomité agereecht goufen. Resolutionsprojeten mussen schrëftlech a weinstens 6 Woche virum Verbandskongress un de Verbandscomité agereecht ginn. (Art. 6 vum Reglement Nr. 1 "Decisionne vum Verbandskongress a vum Chefdag")



## Wéi kanns du op de Kongress a Chefdag kommen?

**Kongress zu Hollerech am Centre Culturel, 34 rue Emile Lavandier, Lëtzebuerg**  
AVL Ligne 15 (Merl/Celtes - Centre/Gare - Hamm/Rue de Bitbourg), Arrêt: Schluechthaus  
AVL Ligne 17 (P+R Bouillon - Centre/Monterey), Arrêt: Heentze Park  
AVL Ligne 1 (P+R Bouillon - Centre/Gare - Kirchberg/Luxexpo), Arrêt: Salzhaiff / Pierre et Paul  
CFL Ligne 70 (Luxembourg - Rodange - Athus - Longwy), Gare: Hollerich  
Parking: Bouillon, rue de Bouillon, Lëtzebuerg

**Chefdag um Belair am Sportzentrum, Rue d'Ostende, Lëtzebuerg**  
AVL Ligne 22 (Gare/Centre - Centre Hospitalier), Arrêt: Stade  
AVL Ligne 8 (Gare/Centre - Bertrange/Waassertuerm), Arrêt: Amsterdam  
AVL Ligne 12 (P+R Bouillon - Centre - Kirchberg/Luxexpo), Arrêt: Belair-Kierch  
Parking: Stade, route d'Arlon, Lëtzebuerg

LGS - Compte de profits et pertes 2013	Profits et pertes au 31.12.2013		Budget 2013	
	Recettes	Dépenses	Recettes	Dépenses
Cotisations	62 379,00 €	6 799,02 €	64 000,00 €	7 600,00 €
Subsides et Dons	17 555,65 €	642,89 €	28 000,00 €	500,00 €
Sponsoring	29 000,00 €	373,75 €	29 000,00 €	0,00 €
Formation des chefs	33 499,82 €	38 133,60 €	23 800,00 €	24 000,00 €
Activités et Programme	10 381,13 €	21 043,41 €	12 500,00 €	17 150,00 €
Financier	531,99 €	53,27 €	1 500,00 €	200,00 €
Relations publiques	861,34 €	30 719,32 €	0,00 €	33 000,00 €
Contribution aux frais Projets de Coopération	18 061,00 €	18 061,00 €	0,00 €	6 000,00 €
Frais de gestion et de fonctionnement fédéral	0,00 €	30 903,92 €	0,00 €	27 000,00 €
Gestion de matériel, de formation et d'équipement technique	4 032,01 €	5 977,70 €	3 000,00 €	11 750,00 €
Frais de Secrétariat	0,00 €	2 354,53 €	0,00 €	2 450,00 €
Frais de fonctionnement des équipes	0,00 €	1 281,62 €	0,00 €	1 000,00 €
Amortissements	0,00 €	150,92 €	0,00 €	150,00 €
Relations internationales	10 343,00 €	19 138,25 €	2 000,00 €	15 000,00 €
Couverture de risques	6 037,75 €	23 377,62 €	0,00 €	18 000,00 €
<b>Totaux :</b>	<b>192 682,69 €</b>	<b>199 010,82 €</b>	<b>163 800,00 €</b>	<b>163 800,00 €</b>
<b>Résultat :</b>		<b>-6 328,13 €</b>		<b>0,00 €</b>

LGS-Budget 2015	Budget 2014		Budget 2015	
	Recettes	Dépenses	Recettes	Dépenses
Cotisations	64.000,00 €	7.000,00 €	68.200,00 €	7.000,00 €
Subsides et Dons	18.000,00 €	500,00 €	18.000,00 €	1.000,00 €
Sponsoring	29.000,00 €	0,00 €	26.500,00 €	0,00 €
Formation des chefs	22.600,00 €	26.800,00 €	34.000,00 €	38.000,00 €
Activités et Programme	11.000,00 €	19.000,00 €	12.000,00 €	22.000,00 €
Financier	1.500,00 €	200,00 €	1.000,00 €	200,00 €
Relations publiques	0,00 €	24.000,00 €	1.000,00 €	25.000,00 €
Contribution aux frais Projets de Coopération	2.000,00 €	3.000,00 €	12.000,00 €	12.000,00 €
Frais de gestion et de fonctionnement fédéral	0,00 €	27.000,00 €	0,00 €	31.500,00 €
Gestion de matériel, de formation et d'équip. tech.	2.200,00 €	10.200,00 €	4.000,00 €	7.000,00 €
Frais de Secrétariat	0,00 €	3.750,00 €	0,00 €	2.500,00 €
Frais de fonctionnement des équipes	0,00 €	850,00 €	0,00 €	1.500,00 €
Amortissements	0,00 €	650,00 €	0,00 €	1.000,00 €
Relations internationales	2.150,00 €	14.000,00 €	2.000,00 €	12.000,00 €
Couverture de risques	4.000,00 €	19.500,00 €	6.000,00 €	24.000,00 €
<b>Totaux :</b>	<b>156.450,00 €</b>	<b>156.450,00 €</b>	<b>184.700,00 €</b>	<b>184.700,00 €</b>
<b>Résultat :</b>		<b>0,00 €</b>		<b>0,00 €</b>

## 1. Zyklus = STIP

De STIP ass fir jiddereen, dee Loscht huet eng éischt Chef-charge an enger Branche z'iwwerhuelen.  
D'Zil vum STIP ass et, de neie Cheftainen a Chef Grondsätz, Iddien a Wëssen a verschiddenen Beräicher ze vermittelen, fir se esou op hir Roll als Assistent-Cheftaine oder Assistent-Chef am Grupp virzereeden.  
Allgemeng sollt de Kandidat 16 Joer hunn, fir mat der Formatioun ufänken ze kënnen. Bei CaraPio a RaRo an fir den AveX-STIP sollt een op d'mannst 17 Joer hunn.  
Et ass esou geduecht, dass d'Kandidate mam Tronc Commun sollen ufänken. Mee t'ass och méiglech, mat enger anerer Formatiounsaktivitéit den 1. Zyklus ze starten.

**Wat muss ech soss nach wëssen?**  
An verschiddenen Fäll ginn et Ausnahmen!  
• Wanns de eng Chefennennung an engem Gamma-Grupp wëlls kréien, muss de niewend den normalen Formatiounsaktivitéiten och nach eng zousätzlech Gamma-Formatioun matmaachen.  
• Wanns de schon eng Formatioun an engem aneren Scoutsverband oder soss enger anerer Organisatioun ofgeschloss hues, kanns de dat deelweis unerkannt kréien. Méi Info'en heizou fënns de am Reglement n°11.  
• Wann et dir, aus familiären oder beruflechen Grënn, zäitlech net méiglech ass fir den kompletten éischten Zyklus an dëser Form matzemaachen, da kuck dir den Artikel vun der «Formation pour adultes» un.

## Tronc commun 2014

Och dëst Joer bidde mer zwee Tronc communs-Weekender un:  
• 24.-26. Oktober 2014  
• 07.-09. November 2014  
D'Weekender sinn am LGS Centre de Formation Nicolas Rollinger um Neihaischen.  
E groussen Deel vun der Formatioun ass dobaussen oder am Kelttenhaus. Dofir denk drun waarmt Gezei matzehuelen!

## Formatioun fir Gruppechef/tainen

Dës Formatioun ass fir déi Chef/tainen, déi GC oder GC adj. an hirem Grupp wëlle ginn.  
Si besteet aus engem Weekend vum 8. bis den 9.11.2014 zu Bilschdref an engem Nomëtteg de 24.01.2015 an der Geïsserei.

## 2. Zyklus = STAP

De STAP ass fir all Chef/tainen geduecht, deen/déi sâin éischten Zyklus ofgeschloss huet an dësen wëll verdéieren, respektiv nach Neies dobai léieren.  
No dëser Formatioun soll de/d'Chef/taine eng Chefekipp vun enger Brancheneinheit leede kënnen an d'Branchemethod emsetzen kënnen.  
Réicht nom Formatioucamp dâerf de Chef de praktesche Stage maachen.

**Wat muss ech soss nach wëssen?**  
An verschiddenen Fäll ginn et Ausnahmen!  
• Wanns de eng Chefennennung an engem Gamma-Grupp wëlls kréien, muss de niewend den normalen Formatiounsaktivitéiten och nach eng zousätzlech Gamma-Formatioun matmaachen.  
• Wanns de schon eng Formatioun an engem aneren Scoutsverband oder soss enger anerer Organisatioun ofgeschloss hues, kanns de dat deelweis unerkannt kréien. Méi Infoen heizou fënns de am Reglement n°11.

Umeldung fir d'Formatiounen:  
www.lgs.lu/umeldung  
D'Umeldung ass nëmme mat der Iwwerweisung gëlteg.  
1. Zyklus 150 €, 2. Zyklus 200 €  
GC- Formatioun 40 €

## PRIME ANIMATEURS BENEVOLES

Een Assistent-Chef/taine oder ee Chef/taine kann seng Formatiounskäschten zréckfroen, nodeems hien/hatt seng Formatioun ofgeschloss huet a sâin Brevet B oder C kritt huet an op d'mannst nach ee Joer am Grupp als Chef/taine aktiv war.  
De Formulaire fënns du:  
<http://www.snj.public.lu/fr/formulaires/Animateur>  
Den ausgefëllte Formulaire schécks du un d'Verbandssekretariat.

## Formatioun 2014-2015

### Formatioun 1. Zyklus - Iwwerbléck

Cheftraining (Verband)	PS-Formatioun (Verband)
<b>Tronc Commun</b> Dësen Deel ass fir ALL Kandidate vun ALLE Branchen.	<b>PS</b> Perséinlech -spirituell Formatioun. Dësen Deel gétt vun der Aumonerie gehalen.
<b>STIP</b> ass de branchenspezifischen Deel vun der Formatioun. Dësen Deel gétt vun de Branchekippen organiséiert.	
<b>Praktesche Stage (am Grupp)</b> 12 Versammlungen, 1 WE oder Sortie, 1 Camp, Rapport Déi Aktivitéiten ginn op denger Formatiounskaart vum GC konfirméiert.	<b>Dokumentatioun</b> Chefclasser, Method...

### Formatioun 2. Zyklus - Iwwerbléck

Formatioucamp (Verband)	Praktesche Stage (am Grupp)
<b>STAP</b> De STAP ass e Formatioucamp fir all Branche. Dëse Camp besteet aus allgemengen an aus branchenspezifischen Deeler.	De praktesche Stage gétt am eegene Grupp gemaach. De Kandidat kritt e perséinleche Pâtter oder Giedel zur Sâit gestallt a mat dem/der de Kandidat e gemeinsame Bilan mécht. De Programm vun dëser Aktivitéit gétt am viraus un d'Branchenekipp geschéckt.

## Ernennungen bei den LGS

**Deng éischt Ernennung :**  
Eng Assistent-Chefennennung (Brevet B) kann ugefroert ginn, wann een den 1. Zyklus vun der LGS-Formatioun ofgeschloss huet. Den 1. Zyklus besteet aus véier Deeler : Tronc commun, STIP an der Branche, PS-Formatioun a Stage, Rapport vun enger Aktivitéit am Grupp. Eng Chefennennung (Brevet C) kann een ufroen, wann een den 2. Zyklus vun der LGS-Formatioun ofgeschloss huet. Den 2. Zyklus besteet aus zwee Deeler : STAP-Formatioucamp a praktesche Stage am Grupp, dee vun engem Pâtter oder Giedel begleet gétt. Eng Ernennung gétt net automatesch no der Formatioun ausgestallt. Déi muss de Chef ufroen an de Grupp muss domat d'Accord sinn.  
D'Demande fir eng Chefennennung (F02) fënns du um LGS-Site <http://lgs.lu/doccenter>. Du schécks de Formulaire mat enger Kopie vun denger Formatiounskaart un d'Verbandssekretariat.  
De Formatiounscommissaire kuckt, ob d'Konditiounen erfëllt sinn a fir wéi vill Joer d'Ernennung ausgestallt ka ginn. Eng Ernennung ass ab dem Datum gëlteg, wou de Commissaire général si accorderéiert. Eng Ernennung ass max. 3 Joer gëlteg.

**Wann s du méi wéi eng Ernennung hues:**  
Wann s du eng weider Formatioun an enger anerer Branche ofgeschloss hues, an esou eng weider Ernennung kriss, kanns du all deng Ernennungen, déi s du schon hues, verlängere loosson (Formulaire F02). All deng Ernennungen ginn op enger eenzeger Chefkaart notéiert a lafen all zum selwechem Datum of.

**Wat maachen, wann deng Ernennung ofleeft?**  
Wann deng Ernennung ofleeft, kanns du se natierlech ëmmer nees erneieren. Heifir muss de mat Zäit un Kanu-Aktivitéiten deelhuelen, bei deenen s du Paddel sammels. Fir all gesammelte Paddel kanns du deng Ernennung fir ee Joer verlängeren. All Kéier wann s du eng Erneuerung ufreees (Formulaire F02), kanns du dat fir maximal 3 Joer maachen. Wann s du elo Paddelen ze vill gesammelt häss, verfalen déi bei der Erneuerung. Déi gesammelt Paddel ginn hannen op d'Chefkaart notéiert. D'Demande fir d'Erneuerung vun denger Ernennung (F02) schécks du zesumme mat enger Kopie vun denger Chefkaart un d'Verbandssekretariat.  
Studenten, déi op kenge Kanu-Aktivitéiten deelhuelen kënnen, kréien hir Ernennung 1 Joer verlängert. Eng Kopie vun der Studentkaart sollt der Demandé bäigleuecht ginn.

**L'assureur qui vous accompagne partout.**

Vous cherchez une compagnie d'assurances qui vous épaula à chaque moment de votre vie. Nous privilégions la clarté et la simplicité dans nos différentes formules d'assurances. Partenaire stable et loyal, nous vous offrons des solutions qui vous facilitent la vie.

Conscients de l'importance de la proximité envers nos assurés, nous disposons du réseau d'agents le plus dense du pays. Nos collaborateurs sont à votre écoute et nous permettent d'agir au bon moment.

Découvrez les avantages de votre espace client  
lalux for you sur [www.lalux.lu](http://www.lalux.lu)

lalux - meng Versécherung

LA LUXEMBOURGEOISE - 9, rue Jean Fischbach - L-3372 Leudelange - Tél.: 4761-1 - groupeL@lalux.lu - www.lalux.lu





# Kalenner 2014-2015

September	
1	Gilwell
2	Gilwell
3	Gilwell
4	Gilwell
5	Gilwell
6	Gilwell
7	
8	
9	
10	
11	
12	
13	
14	
15	
16	
17	Verbandskongress (Hollerech)
18	
19	
20	
21	Chefdag (Belair)
22	
23	
24	
25	
26	
27	
28	
29	
30	

Umeldung:  
lgs.lu/umeldung

Umeldung:  
lgs.lu/umeldung  
bis 10.09.2014

Oktober	
1	
2	
3	
4	
5	
6	
7	
8	
9	
10	
11	RaRo - Lancement (Neihaischen)
12	
13	
14	
15	
16	
17	
18	
19	
20	
21	
22	
23	
24	Tronc commun I.
25	Tronc commun I.
26	Tronc commun I.
27	
28	
29	
30	CaraPio-STIP
31	CaraPio-STIP

Umeldung:  
lgs.lu/umeldung  
bis 15.10.2014

Umeldung:  
lgs.lu/umeldung  
bis 15.10.2014

November	
1	CaraPio-STIP
2	CaraPio-STIP
3	
4	
5	
6	
7	Tronc commun II.
8	Tronc commun II. GC-Formation (Bilschdref) Bobos du camp (SNJ) Eesebuer
9	Tronc commun II. GC-Formation (Bilschdref)
10	
11	
12	
13	
14	
15	Weldiessen (Keltenhaus)
16	Weldiessen (Keltenhaus)
17	
18	
19	
20	
21	Scoutsmass (Neihaischen)
22	
23	
24	
25	
26	
27	
28	Avex - Cheftreff
29	
30	1. Advent

Umeldung:  
lgs.lu/umeldung  
bis 15.10.2014

Umeldung:  
info@nativevillage.lu

Dezember	
1	
2	
3	
4	
5	
6	
7	2. Advent
8	
9	
10	
11	
12	
13	
14	3. Advent
15	
16	
17	
18	
19	
20	
21	4. Advent
22	
23	
24	
25	Chrëschttag
26	Chrëschttag
27	
28	
29	
30	
31	Silvester

Januar	
1	Neijoer
2	
3	
4	
5	
6	
7	
8	Neijoschpatt
9	
10	
11	
12	
13	
14	GC - Wanterrenconter (Géisserei)
15	
16	
17	
18	
19	
20	
21	RaRo - Treff
22	
23	
24	1. PS - Weekend Neihaischen GC - Formation (Géisserei)
25	1. PS - Weekend Neihaischen
26	
27	
28	
29	
30	
31	

Umeldung:  
lgs.lu/umeldung  
bis 15.10.2014

Umeldung:  
lgs.lu/umeldung  
bis 01.05.2015

Februar	
1	
2	
3	
4	
5	
6	Wëllefcher-STIP (Neihaischen)
7	Wëllefcher-STIP (Neihaischen)
8	Wëllefcher-STIP (Neihaischen)
9	
10	
11	
12	
13	
14	
15	
16	
17	
18	
19	
20	
21	
22	Thinking Day
23	
24	
25	
26	
27	GC - Gemittlechen Owend
28	2. PS - Weekend Klierf

Umeldung:  
lgs.lu/umeldung  
bis 15.10.2014

Umeldung:  
lgs.lu/umeldung  
bis 15.10.2014

Mäerz	
1	2. PS - Weekend Klierf
2	
3	
4	
5	
6	
7	
8	
9	
10	
11	
12	
13	
14	Kanu-Dag
15	
16	
17	
18	
19	
20	
21	
22	
23	
24	
25	
26	
27	Biber-STIP (Géisserei)
28	Biber-STIP (Géisserei) Reliése-Weekend Orval
29	Biber-STIP (Géisserei) Reliése-Weekend Orval CaraPio - JoCaPi
30	
31	

Umeldung:  
lgs.lu/umeldung

Umeldung:  
lgs.lu/umeldung  
bis 15.10.2014

Umeldung:  
aumonier@lgs.lu

Abrëll	
1	
2	
3	
4	
5	Ouschteren
6	Ouschteren
7	
8	
9	
10	RaRo-STIP
11	RaRo-STIP
12	RaRo-STIP
13	RaRo-STIP
14	RaRo-STIP
15	
16	Avex-STIP
17	Avex-STIP
18	Avex-STIP
19	Avex-STIP
20	
21	
22	
23	
24	
25	
26	Pélé des Jeunes
27	
28	
29	GC - Fréijorsrenconter (Sennengeberg)
30	

Umeldung:  
lgs.lu/umeldung  
bis 15.10.2014

Umeldung:  
lgs.lu/umeldung  
bis 15.10.2014

Mee	
1	1. Mee-Feier Neihaischen
2	
3	Extraordinaire Kongress (14h-17h)
4	
5	
6	
7	
8	
9	Biber- a Wëllefchersandacht
10	
11	
12	
13	
14	Bilschdref Kiermes
15	
16	PS Nuetsweekend
17	PS Nuetsweekend
18	
19	
20	
21	
22	CaraPio - MAD reloaded
23	CaraPio - MAD reloaded
24	CaraPio - MAD reloaded
25	Päischten / CaraPio - MAD reloaded
26	Sprangprässioun / CaraPio - MAD reloaded
27	
28	
29	
30	
31	

Umeldung:  
lgs.lu/umeldung  
bis 15.10.2014

Juni	
1	
2	
3	
4	
5	
6	
7	Biber-STIP (Nidderaanwen)
8	
9	
10	
11	
12	
13	RaRo - Odysseekonveniat (Neihaischen)
14	
15	
16	
17	
18	
19	
20	
21	
22	
23	National Feierdag
24	
25	
26	
27	
28	
29	
30	

Umeldung:  
lgs.lu/umeldung  
bis 15.10.2014

Juli	
1	
2	
3	
4	
5	
6	
7	
8	
9	
10	
11	
12	
13	
14	
15	
16	
17	
18	
19	
20	
21	
22	
23	
24	
25	
26	
27	
28	
29	
30	
31	

August	
1	
2	
3	
4	
5	
6	
7	
8	
9	
10	
11	
12	
13	
14	
15	Mariä Himmelfahrt
16	
17	
18	
19	
20	
21	
22	
23	
24	
25	
26	
27	
28	
29	STAP fir all Branche (Neihaischen)
30	STAP fir all Branche (Neihaischen)
31	STAP fir all Branche (Neihaischen)

September	
1	STAP fir all Branche (Neihaischen)
2	STAP fir all Branche (Neihaischen)
3	STAP fir all Branche (Neihaischen)
4	STAP fir all Branche (Neihaischen)
5	STAP fir all Branche (Neihaischen)
6	STAP fir all Branche (Neihaischen)
7	
8	
9	
10	
11	
12	
13	
14	
15	
16	
17	
18	
19	
20	
21	
22	
23	Verbandskongress (Beetebuerg)
24	
25	
26	
27	Chefdag (Beetebuerg)
28	
29	
30	



# i Datumer&Delaien

## Camp, Weekend-Umeldung

**Weekend** am Inland, Ausland : op d'mannst 1 Woch virum WE.  
**Camp** am Inland , Ausland : op d'mannst 6 Woche virum Camp.  
**Summercamp** : 1. Juni  
 Denkt drun wéinst dem congé jeunesse désen Delai vu 6 Wochen anzehalen.  
 Nom Camp féilt de resp. Chef den «Rapport iwwer de Camp» aus.  
 (Online-Formulaire!)

## Memberskaarten

D'Memberskaarte ginn am **Platte Knuet N°1** (Mëtt Dezember) verschéckt. Dofir mussen d'Adresse vun de Membere regelméisseg kontrolléiert ginn an d'Zeitung am Memberfichier ugekräizt ginn.

## Memberen / Memberfichier Kotisatioun

Bis den 1. Dezember aktualiséiert den Administrator de Memberfichier vum Grupp: d'nei Memberen, d'Kotisatioun an Ännerungen vun Doneeë ginn agedroen. D'Memberen, déi nom 1. Januar ugemellt ginn, mussen keng Kotisatioun fir d'lafend Joer bezuelen.  
**Kotisatiounen** : D'Zomm vu 15 € (och Mataarbechter), 12 € fir Brudder/Schwester, déi keen eegent Akommes hunn, si Proposen, iwwer déi um Kongress ofgestëmmt gëtt.

## 1 Euro fir den Niger

D'LGS-Aktioun 1 EURO fir den Niger geet natierlech weider.  
 Mat all gesammelten Donen ënnerstëtze mer d'Scouts du Niger.  
 D'Sue ginn zesumme mat de Kotisatiounen vum Grupp iwwerwisen.  
 Weider Informatiounen : [info@lgs.lu](mailto:info@lgs.lu)

## De SHOP

5, rue München-Tesch L-2173 Luxembourg  
 Tel.: 26 94 84 31 Fax: 26 94 84 32  
[www.lgs.lu/shop](http://www.lgs.lu/shop), [shop@lgs.lu](mailto:shop@lgs.lu)

De: 15.00-18.00  
 Do: 15.00-19.00  
 Sa: 09.00-12.00

De Shop ass an de Vakanzen zou!

### Chalets terrain de camp

pour groupes de jeunes encadrés

Auf der Suche nach einem Chalet, einem Zeltlagerplatz oder einer Hüttenburg?

Auf "www.chalets.lu" findet die nützlichsten Informationen gesammelt bezüglich:

- der Lokalisation des Chalets
- der architektonischen Infrastruktur
- der Kosten für die Reservierung

À la recherche d'un chalet, terrain de camp ou d'une auberge de jeunesse?

Le site "www.chalets.lu" donne les renseignements utiles par rapport à la localisation du chalet, à l'infrastructure disponible et aux contacts pour la réservation.

Looking for a "chalet", a camp place or a huttenburg?

The site "www.chalets.lu" gathers the practical informations regarding:

- the localisation of the chalet
- the available infrastructure
- the contact details for bookings

## Service des prêts

**Formulaire F14** ([lgs.lu/doccenter](http://lgs.lu/doccenter))  
 E-mail: [marie-anne.wagner@lgs.lu](mailto:marie-anne.wagner@lgs.lu)

**Dépôt Waffer:** Campmaterial  
 Tel.: 33 40 14

**Geïsserei:** PR-Material,  
 Tel.: 26 94 84  
 Klamm-Material,  
 Sécherheetsmaterial

**Neihaischen:** Programm- a  
 Tel.: 35 76 45  
 Formatiounsmaterial

## Annuaire externe

Ugangs vum Guiden- a Scoutsjoer soll all Grupp um LGS-Site [lgs.lu/gruppen](http://lgs.lu/gruppen) seng Donneë kucken an Ännerungen an der Geïsserei mellen.

## CASCO

D'Chef/tainen a Mataarbechter kënnen vun der CASCO vum Verband profitéieren, wann si **10 €** op de Verbandskont bis den **01. Dezember** iwwerweisen:  
**BIL LU96 0029 0100 0023 3100**

## Assurances

d'Onfallversicherung soll bis den 1. Dezember am Memberfichier agedroen ginn.

## Umeldungen fir Weekender, Campen, STIP a STAP, Kanu-Dag

D'Camp- a Weekendumeldung, de Rapport iwwer de Camp, d'Umeldung fir d'Formatioun a Kanu-Dag fénns du um LGS-Site an der Chefbox : <http://lgs.lu/umeldung>.  
 Fir d'Chefbox brauchst du ee Chefloggin, wann s du nach keen hues, mussst du den hei ufroen: <http://lgs.lu/user/register>.

## Online-Formulaire, wéi geet dat?

De Kandidat fir d'Formatioun oder de Chef féilt de Formulaire online aus. E kritt direkt dono eng Bestätegung geschéckt.  
 Dës Informatiounen errechen d'Sekretariat an

## Paddel däi Kanu

« Paddel däi Kanu » (Paddle your own canoe-BiPi) ass d' Formation-Continues-Konzept vun de Lëtzebuurger Guiden a Scouten a symboliséiert d' Weiderkommen an de perséinleche Fortschritt vum Chef. De Paddel steet fir all dat Neit wats du entdeckt a geléiert hues a soll dir hëllefne nei Iddien a pädagogesch Impulser fir deng Aarbecht mat de Kanner a Jugendlechen ze gewannen an dän Engagement ze stärken.

Staark Chef sinn de Piliere vun engem flotten a liewege Guidissem a Scoutissem!

## Wéi funktionéiert de « Paddel däi Kanu » ?

Wat maachen ech wann eng Ernennung ofleeft ? Eng ofgelafene Ernennung kann natierlech ëmmer nees erneiert ginn.  
 Dofir muss du Paddlen op deene verschiddeenen Kanu-Aktivitéite sammelen. Mat all Paddel kanns du deng Ernennung fir 1 Joer verlängeren. D'Ernennung kann insgesamt fir maximal 3 Joer verlängert ginn. Wanns du méi wéi 3 Paddele gesammelt hues, verfalen déi, déi « zevill sinn » bei der Erneuerung.

## D' Kanu-Aktivitéiten

D' Aktivitéite vum Kanu richte sech un all ernannte Chef an un all Branche.  
 Paddele kanns du op verschidde Manéiere sammelen :

- Am Verband :**
- De Kanu-dag ass d'Haaptaktivitéit vum « Paddel däi Kanu » an dauert 1 ganzen Dag. Wanns du bei Kanu-Dag matméchs kanns du 3 Paddelen sammelen.
  - Eenzel Kanu-Aktivitéiten déi am Laf vum Joer

## D'Formation pour Adultes

Nieft der normaler Formatioun bidd d'Formationsekippest Joer och den 1. Zyklus a Form vun engem „Formation pour adultes“ un.

## Fir wien ass dës „Formation des Adultes“ geduecht?

Fir jiddereen, deen op d'mannst 18 Joer huet an deen Loscht huet eng éischt Chefcharge an enger Branche a sengem Grupp z'iwwerhuelen, awer aus familiären oder beruflechen Grënn déi normal Formatioun net ka matmaachen.

## Wéi ass d'„Formation pour Adultes“ opgebaut?

D'Formatioun besteet aus verschidde Formatiounsaktivitéiten. Verschidde Formatiounsaktivitéiten sinn obligatoresch, anerer si fakultativ an op d'Beoine vun de Kandidaten ugepasst.

den zoustännege Commissaire zäitgläich, och de Gruppchef kritt d'Demande geschéckt. Wann de GC mat der Ufro net d'Accord ass, muss hien/hatt sech beim Sekretariat mellen an d'Demande gëtt gestrach. Wann hien/hatt d'Accord ass, schéckt hien/hatt dem Sekretariat säin OK.  
 Fir de Rescht leeft et sou weider ewéi ëmmer, bei Formatiounsaktivitéite kritt de Chef kuerz virun matgedeelt wat e matbréngt soll...  
 WE Umeldungen sinn accordéiert, ausser wann de Commissaire sech mell. Den Accord fir de Camp kritt den zoustännege Chef per Post geschéckt.

vum Verband ugebueden ginn zielen jee no deem fir 1 oder 2 Paddelen.

- De Grupperot kann awer och selwer eng Formation-Continue organiséieren, « Gruppe-Kanu » genannt, andeems de Grupp en Expert sicht deen d' Formatioun hält. All Chef kann dann 1-2 Paddele bäikréien. Dës Initiativ muss awer ee Mount am Virus beim Formationscommissaire schréfflech ugefrot ginn (Formulaire F18 an eraresche vum programm).
- Duerch d' Matschaffe bei enger nationaler Aktivitéit kann een och 1-2 Paddele kréien. Hei muss awer och ee Mount am Virus eng schréfflech Demande eragereesch ginn (Formulaire 18)

## Ausserhalb vum Verband :

Wanns du bei Formatiounsaktivitéite vun externen Organisatiounen matméchs kanns du och Paddele sammelen (SNJ, Caritas, ...). Dofir muss du ee Mount am Virus eng schréfflech Demande beim Formationscommissaire eraschécken (Formulaire F18). Du muss awer mindestens 1 Paddel beim Verband sammelen !!!

## Paddele fir Gruppchef :

De Gruppchef muss speziell Paddele sammelen. Hie brauch 1 oder 2 Paddelen fir seng Ernennung 2 Joer verlängert ze kréien respektiv 2 Paddelen fir se 3 Joer verlängert ze kréien. Dës Kanu-Aktivitéite gi vun der Gruppenekippe organiséiert.

## Paddele fir den Animateur Spirituel :

Fir den Animateur Spirituel oder Laien-Aumônier gëlt dat selwecht wéi fir all di aner Chef, mam Ennerscheid, dass d' Kandidaten un op mannst enger Kanu-Aktivitéit mat spiritueller/relieiser Thematik deelhuelen.

## All Kandidat muss 4 Formatiounsaktivitéiten matmaachen:

- 1 Owend zum Thema Verband, Administratives a Sécherheet
- 1 Dag zum Thema „Bosses et Bobos“
- 1 Dag zum Thema Guide- a Scouttechniken (um Tronc commun)
- 1 Formatioun iwwer d'Branchenmethod (um Branche-STIP)

## Wat muss ech soss nach wëssen?

- Eng ofgeschlossene Formation des Adultes erlaabt et engem, eng Assistent-Ernennung ze kréien, mee et kritt ee kee Brevet Animateur vum SNJ.
- D'Formation pour Adultes gëtt, a priori, op Lëtzebuergesch gehalten.
- Dës Formatioun ass net fir Schüler a Studenten geduecht.

Wann s du interesséiert bass a weider Informatiounen wëlls, mell dech beim Cathy Kirsch. ([cathy.kirsch@lgs.lu](mailto:cathy.kirsch@lgs.lu)).

## Congé jeunesse

De Congé-jeunesse gouf per Gesetz den 1. Januar 2008 agefouert. Dëst Gesetz (Mémorial A 241 – Loi du 24 octobre 2007 portant création d'un congé individuel de formation) gesäit fir, datt Leit, déi an hirer Aarbechtszäit eng Formatioun (Stip; Stap; Gilwell) maachen oder eng edukativ Aktivitéit (Camp) fir Jugendlecher z'encadréieren, kënnen fir diesen Zweck en extra Congé kréien, dee vum Staat bezuelt gëtt.

Conditionne fir kënnen vum Congé-jeunesse ze profitéieren:

- 1. De Kandidat muss:**
  - bei engem Patron zu Lëtzebuerg schaffen (de Patron vum Kandidat muss säin Avis ofginn); Fräiberuffler oder Selbstänneger mussen op d'mannst 2 Joer bei der Sécurité Sociale agegredde sinn.
  - Member vun den LGS sinn.
  - e Brevet Animateur, Brevet Aide-animateur oder eng Ernennung bei den LGS hunn. (Kandidate fir congé-jeunesse, déi kee Brevet aide-animateur oder animateur hunn (oder eng Ernennung bei den LGS), kréie
- 2. De Kandidat kann:**
  - héchstens 20 Deeg pro 2 Joer Congé-jeunesse kréien.
  - Insgesamt kann ee maximal 60 Deeg ufroen All Congé-jeunesse dauert weinstens 2 Deeg, et sief, dann et handelt sech ëm e Cours, deen op eenzel Deeg opgedeelt ass.
  - net de Congé-jeunesse un den normale Congé oder u Krankecongé unhänken, wann doduerch de Kandidat am ganze méi wéi 3 Woche vu senger Aarbechtsplaz fort ass.
  - pro 5 Kanner/Jugendleche (ouni Staff) bei der Aktivitéit Congé-jeunesse kréien. (d.h. pro 5 Kanner 1 Chef/taine).

## Virum Camp / Formatioun

**De Kandidat** schéckt de Formulaire « Demande d'octroi d'un congé-jeunesse » un d'Verbandssekretariat. (Ennerschrëft vum Patron net vergiessen!)  
<http://www.snj.public.lu/formulaires>

**De Responsable** mell de Camp un. ([lgs.lu/chefbox](http://lgs.lu/chefbox)) Wichtig!: e Programm muss dobäi sinn.

## Nom Camp / Formatioun

**De Responsable** vum Camp féilt de Formulaire „Rapport iwwer de Camp“ ([lgs.lu/umeldung](http://lgs.lu/umeldung)) mat den Nimm vun de Kandidaten fir congé-jeunesse aus.

## Chèque service

**Wéi eng Aktivitéiten kommen a Fro ?**  
 D'LGS hunn am Juli 2009 eng Konventioun mam Familljeministère ënnerschriwwen. Doduerch kënnen och Kanner, déi u Scoutscampen deelhuelen, vum chèque-service accueil fir Vakanzaktivitéiten profitéieren. D'Aktivitéit muss minimum 3 Deeg daueren.

## Wie ka vum Chèque-Service profitéieren ?

D'Bestëmmungen vum Chèque-Service Accueil gesi vir, datt nëmme Kanner « exposés au risque de pauvreté et/ou menacés d'exclusion sociale », déi manner wéi 12 Joer al si, vun der Gratis-Partizipatioun u Vakanzaktivitéiten kënnen profitéieren. Heirënner fale Kanner, déi an engem Stot mam Mindestakommes liewen, oder Kanner déi engem Aarmutsrisiko ausgesat sinn.

## Aschreiwene an d' Vakanzaktivitéit

Fir kënnen vum chèque-service fir e Scouts/Guide-Camp ze profitéieren, mussen d'Elteren hirt Kand op der Gemeng an d'Lëscht vum chèque-service accueil aschreiwene resp. ageschriwwen hunn an eng

maximal zwee Drëttel vun de Schaffdeeg, déi se an d'Aktivitéit investéieren, als congé-jeunesse).

## Assurances

## CASCO

Assuréiert sinn Accidenter, déi während Guiden- a Scoutsaktivitéiten oder um direkte Wee tëschent doheim an der Plaz vun der Aktivitéit geschéien (bis zu 2 Stonne virun - respektiv no - der Aktivitéit).  
 D'LGS-Casco deckt eenzel Persounen, egal mat wéi engem Auto si fueren. Et besteet eng Franchise vu 500€.

D'LGS-Casco gëlt vum 1. Januar bis den 31. Dezember a kascht **10€**.  
**Jiddereen, deen eng Casco wëll, freet si fir sech selwer un**, andeems een 10€ den op BIL LU96 0029 0100 0002 310001 bis 01.12.2014 iwwerweist mat Vermierk: Casco+Numm+Virnumm.  
 Wa Gruppen d'Casco fir hir Chef iwwerhuele wëllen, sollen si sech mam Frank Lulof a Verbindung setzen: [frank.lulof@lgs.lu](mailto:frank.lulof@lgs.lu), 26 94 84 21.

Am Fall vum engem Accident ruft esou séier wéi méiglech am Verbandssekretariat un 26 94 84 oder wann den Nouttelefon funktionéiert (Summervakanz, Päischtvakanz), op der Nummer 691447788.

## Assurance accident

D'Onfallversicherung gëtt am Memberfichier gemellt bis den 01.12.2014. Den ze bezuelende Betrag 10€ kënn op d'Rechnung vun de Kotisatiounen stoen. Automatesch profitéieren vun enger staatelechen Onfallversicherung (wa si hir Cotisatioun bezuelt hunn) :  
 Memberen déi nach an d'Schoul ginn, Cheftainen a Chef mat enger gëlteger Ernennung, Stagiar Cheftainen a Chef (d'Stagezäit där maximal 2 Joer daueren).  
 Duerch d'staatelechen Onfallversicherung ass den eegene Kierperschued gedeckt, deen duerch en Accident während enger Guiden- a Scoutsaktivitéit mat Kanner (Versammlungen, Weekender, Campen) entsteet.  
 CaraPio a RaRo, déi eng Léier maachen, schaffen oder am Chômage sinn, sinn duerch eng privat Onfallversicherung vun den LGS assuréiert wa si : hir Kotisatioun bezuelt hunn a wa fir si am Membersfichier déi entspreche Case ugekräizt gouf. Déi 10€ fir d'Onfallversicherung iwwerhëlt de Verband fir si.  
 Albatrossen, Mataarbechter, Cheftainen a Chef ouni Ernennung, déi net méi an d'Schoul ginn, kënnen vun der privater Onfallversicherung vun den LGS profitéieren wa si : Member vum Verband an Accident während enger Guiden- a Scoutsaktivitéit mat Kanner

## Jeune et actif, Gold et gratuite!

Gratuite **1 An**



À la BIL, le package World avec la MasterCard Gold est gratuit la première année pour les jeunes actifs.

Rendez-vous dès maintenant en agence (même les mercredis jusqu'à 19h00, sur rdv) ou sur [www.bil.com](http://www.bil.com)

Sans réserve d'acceptation de votre dossier. Conditions en agence et sur [www.bil.com](http://www.bil.com)

Vous avant tout

Banque Internationale à Luxembourg SA, 69 route d'Esch, L-2953 Luxembourg, RCS Luxembourg B-4007 4590-3000 [www.bil.com](http://www.bil.com)





Verbandsekippen

Team

E-mail: team@lgs.lu

Aumônier général

E-mail: aumonier@lgs.lu

Biber-Ekipp

E-mail: biber@lgs.lu

Wëllefchers-Ekipp

E-mail: wellefcher@lgs.lu

Avex-Ekipp

E-mail: avex@lgs.lu

CaraPio-Ekipp

E-mail: carapio@lgs.lu

RaRo-Ekipp

E-mail: raro@lgs.lu

Gruppen-Ekipp

E-mail: gruppechef@lgs.lu

International-Ekipp

E-mail: ic-wosm@lgs.lu

E-mail: ic-waggs@lgs.lu

Formatiouns-Ekipp

E-mail: formatioun@lgs.lu

PR-Ekipp

E-mail: pr@lgs.lu

Finanz-Commissaire

E-mail: secretariat@sgs.lu

D'Géisserei

5, rue Munchen-Tesch L-2173 Luxembourg

Tel.: 26 84 94

E-mail: info@lgs.lu

Büroszäiten: Mé.-Fr. 8.00-12.00, 14.00-17.00

Tom Bieber - Chargé de direction

E-mail: tom.bieber@lgs.lu

Frank Lulof - Responsable administratif et financier

E-mail: frank.lulof@lgs.lu

Marie-Anne Wagner - Administration - secrétaire

E-mail: marie-anne.wagner@lgs.lu

Szilvia Pütz - Administration - secrétaire

E-mail: szilvia.putz@lgs.lu

Marco Jadin - Agent technique

E-mail: marco.jadin@lgs.lu

Cathy Kirsch - Safab - Formateur

E-mail: cathy.kirsch@lgs.lu

Tom Lahr - Safab - Service Animation

E-mail: tom.lahr@lgs.lu

Michèle Hilger - Aumônerie - PS Formatrice

E-mail: michele.hilger@lgs.lu

Marianne Kraus & Marie-Josée Martin

- Guiden a Scouten fir ENG Welt ONGD

E-mail: marianne.kraus@ongd-lgs.lu

E-mail: marie-josee.martin@ongd-lgs.lu

Dat neit Aumônerie-Team

aumonier@lgs.lu



Ricardo

Romain

Michèle

RAP- Renewed Approach to Programm

Wat ass de RAP?

De RAP ass eng Method déi dorobber zielt all d' LGS-Aktivitéiten ze erneieren respektiv ze verbesseren.


Ween ass de RAP?

De RAP Grupp besteet aus 5 Cheftainen a Chef an engem Member vum SAFAB déi sech regelméisseg treffen fir um Projet ze schaffen.

Firwat de RAP?

Eis Gesellschaft huet sech an deene leschte Joeren op verschidde Gebidder enorm weiterentwéckelt. Fir innovativ a modern ze bleiwen huet de Verband decidéiert sech dem RAP unzehuelen, ouni awer eis Grondprinzipien iwwer Bord ze werfen. Et geet an der Essenz drëm, den LGS e Profil ze ginn mat deem si no baussen opriede kënnen fir och Ausstehenden d' Stärkten an d' Inhalter vum Guidissem a Scoutissem méi no ze bréngen.

D'Iddi vum RAP. Wann e Fëscher (Chef/taine) e Fësch (Kand/Jonken) fänke wëll, sollen d' Wierm (Programm a seng Aktivitéiten) net him selwer schmaachen, mee dem Fësch. De RAP probéiert deemno Aktivitéiten ze schafen, déi de Besoinen a Wënsch vum de Jonken haut des Daags entsprechen. Dat heescht, dass de RAP-Grupp an enger éischer Phase probéiert huet erauszefannen wat d' Bedierfnisser an d' Bestriewe vum deene Jonken zu Lëtzebuerg sinn an elo probéiert eng ugepassten edukativ Äntwert op dës ze fannen.



D'Ekipp vum RAP befënt sech um Schluss vum éischte Schrëtt, wou et drëms geet eng gesellschaftlech Analyse vum de Bedierfnisser vum deene Jonken an den eventuellen Erwaardungen vum den öffentlechen Akteuren ze maachen. Dofir goufen am Laf vum Joer eng ganz Rei vum Interviewen gefouert, Ëmfroe gemaach an Workshops ugebueden, déi sech un d' Membere vum de Guiden a Scouten (Chef a Kanner) gericht hunn, un déi Jonk an Erwuessen déi näischt mat de Scouten ze dinn hunn, un déi déi mat Jonke schaffen an un verschidden sozial, kulturell a politesch Akteuren.

D'Resultater aus deene verschiddene Methoden ginn am September ausgewäert an et soll eng Propose fir d' Schwéierpunkte vum LGS-Programm ausgeschafft ginn. D' Chefe sollen awer och um Chefdag d' Geleeënheet kréien aktiv un dësem Prozess deelzehuelen an deem si sech kënnen a Workshope vum RAP mellen.

De neie Programm soll dann um Camp 2017 presentéiert ginn a bis dohinner beschäfteg sech d' Ekipp vum RAP nach mat folgenden Froen: wéi eng Fäegkeeten a wéi enge Beräicher muss eng Guide/Scout ereescht hunn wann hien/si déi verschidde Branchen duerchlaf huet? Sinn d' Altersbranchen nach ugepasst? Wéi eng Method muss fir di verschidde Branchen ausgeschafft ginn? Wéi sollen d' Aktivitéite fir di eenzel Branchen ausgesinn?

Mir soe jidderengem Merci, dee bei eisen Aktivitéite matgemaach huet a mir hoffe weider op är Mataarbecht!

Eis Chaleten

Chalet Neihaischen

E-mail: tom.lahr@lgs.lu

Chalet Bilschdref

E-mail: chalet.bilsdorf@lgs.lu

Chalet Géisserei

E-mail: marie-anne.wagner@lgs.lu

Campplaz Fënsterdall

E-mail: bourgj@pt.lu

aner Chaleten

www.chalets.lu



Mir fuere gutt mateneen!

Informatioun a Reservatioun Sales-Lentz, Ären Expert fir Bus-Locationen © (+352) 26 65 11 (lu - ve 8.00 - 17.00) www.sales-lentz.lu

